



En Donneschdeg, de 14. November 2024, war ëm 14:00 Auer eng Gemengerotssitzung. Dës Sitzung gouf ausnamsweis net fir Biissen-TV opgeholl.

1. Plan de gestion des forêts

De Verwaltungsplang vum Biisser Gemengebësch fir d'Joer 2025 gesäit Ausgabe fir 440.100 Euro an Einnahme fir 174.054 Euro vir, deemno en Defizit vun 266.046 Euro. Et sollen 305 Kubikmeter Bichen an 1.445 Kubikmeter Fichte gehae ginn.

2. Programme d'action annuel du SICONA Centre

Den Aktiounsplang 2025 vum Naturschutzsyndikat SICONA Centre gesäit um Territoire vun der Biisser Gemeng ordinär Ausgabe fir 262.354 Euro vir. Och soll endlech am Joer 2025 e Biotop op 65 Ar am Brill fir 24.038,38 Euro realiséiert ginn. Wéinst staatleche Subside fält déi geplangte Belaaschtung vun der Biisser Gemengekeess méi niddreg aus (113.903,84 Euro).

3. Lotissement de terrains

- a) D'Terraine ronderëm d'Haus "A Kréisch" (4-6 rue de Reckange) gi frësch lotisséiert, sou datt déi eenzel Haiser an den Zougangswee jeeweils eng eenzel Parzellennummer hunn.
- b) D'Parzellennummere 886/2777 an 899/2559 an der Rue des Forges ginn an zwou méi oder manner gläich grouss Bauplazen opgedeelt, esou datt déi aktuell Proprietären aus enger Indivisioun erauskomme kënnen.
- c) Den nei gebaute Fousswee (mat Trap) tëscht der Rue des Moulins an der neier Crèche beim Musekshaus gëtt aus der Parzellennummer 1678/3121 erausgeholl.

4. Approbation de plusieurs contrats de bail

- a) An der Rue du Nord ersetzt d'POST Luxembourg hiren Antennemast fir d'mobil Telefonie. Den neie Mast gëtt 40 Meter héich. Vu datt den Terrain der Gemeng gehéiert, kritt se all Joer e Loyer vun 3.000 Euro.
- b) D'Gemeng installéiert op der Antenn vun der POST Luxembourg um Rouscht eng LoRaWAN-Antenn. Dës Installatioun wäert d'Ofliese vun de Waasseraueren an der Zukunft erliichteren. D'Gemeng bezilt all Joer e Loyer vu 500 Euro.
- c) Mam Bauer Luc Wolter gouf e Pachtvertrag fir verschidden Akerflächen "am Seif" (110 Ar) an "op dem Rouscht" (41 Ar) ofgeschloss.

5. Approbation d'un contrat d'expert indépendant

D'Monique Mathieu hält tëscht dem 7. Oktober 2024 an dem 5. Februar 2024 Lëtzebuergesch-Cours'e vum Niveau A1.2.

6. Approbation de plusieurs conventions

- a) D'Gemeng iwwerhëlt d'Aschreiwung vun 2 Biisser Museksschülerinnen an der Musekschoul Kanton Réiden.
- b) Den Exploitant vun der Maison Relais (Anne asbl) stellt fir e weidert Joer eng Hëllefkraaft fir d'lessstuff donneschdes am Wonerbatti of. Dat kascht d'Gemeng ronn 7.000 Euro.
- c) Den Exploitant vun der Maison Relais (Anne asbl) organiséiert fir e weidert Schouljoer de Pedibus op de Linnen "Brill", "Bléi" an "Um Knapp". Dat kascht d'Gemeng ronn 29.000 Euro.

7. Approbation d'un devis

Fir datt bei Noutfäll am Bësch de CGDIS méi séier reagéiere kann, ginn op 59 Plaze fir am Ganzen 90.000 Euro sougenannt "Points de secours" ageriicht. Hei fënnt een d'Koordinate vu sengem Standuert ewéi déi néideg Telefonsnummern.

8. Approbation d'un devis supplémentaire

Fir de Park an der Bléi hu missten 1.620.000 Euro nogestëmmt ginn. E gudde Batz geet op d'Entsuerge vu verknaschter Buedem zréck. Deemno wäert de Park elo viraussichtlech d'Gemeengekeess mat 2.782.728,18 Euro belaschten, woubäi awer de Staat als Kompensatiounsmesure e Betrag vu 760.000 Euro bezilt.

9. Création de plusieurs postes

Wéinst dem Wuesstem vun der Bevëlkerung goufen nei Posten an der Gemeng geschafen.

- 2 Aarbechterposten am Service "Conciergerie"
- 2 Aarbechter-Elektriker
- 1 Employé communal an der Carrière B fir d'Ressources humaines
- 1 Employé communal an der Carrière C1 fir de Service technique
- 1 Gemeindebeamten an der Carrière C1 fir d'Recette.

10. Vote d'une indemnité compensatoire dans le cadre du PAP Datacenter

Am Kader vum PAP Datacenter ginn nëmmen 2,2 Prozent fir d'Weeër un d'Gemeng ofgetrueden. Dat si manner ewéi 25 Prozent, wéi d'Gesetz dat virgesäit. Dofir kritt d'Gemeng fir d'Differenz (22,8 Prozent) eng "Indemnité compensatoire unique" duerch de Lotisseur bezuelt. Dës Indemnité unique duerf just fir déi follgend Zwecker benotzt ginn:

- Kaf vun Terrain fir de Bau vun engem neie Waasserbaseng;
- Upassen an Ausbau vum Drénkwaasserreseau;
- Kaf oder Echange vun Terrain fir de Kanal;
- Verleeë vun der existenter Luxlait-Waasserleitung;
- Entwéckele vun engem "Co-living/Co-Working"-Site (vun dëser Offer kéinten och d'Mataarbechter vum Datacenter profitéieren).

11. Vote de plusieurs modifications du Plan d'aménagement général (PAG) et approbation de plusieurs modifications du Plan d'aménagement particulier (PAP)

De PAG gouf op e puer Punkte geännert:

- Op der Spillplaz tëscht der Cité Steekräiz an dem Pëttenerwee kënnen Waasserspiller amenagéiert ginn.

- D'Gebaier op 12 Grand-Rue an op 14 rue de la Laiterie sinn net méi lokal denkmalgeschützt.
- An den Zones commerciales sinn elo och "Logements de service" erlaabt.

13. Saisie de la Commission d'aménagement pour plusieurs modifications du PAG

D'Gemeng planzt folgend Ännerungen um PAG, déi elo op den Instanzewee ginn:

- Beim CycloCroc an der "Hondsai" gëtt eng "zone de parc" an eng "zone de bâtiments et d'équipements publics" ëmgewandelt. Esou gëtt och eng vergréissert Terrass fir de CycloCroc méiglech.
- An der 2. Phas vum Lotissement Am Brill (déi éischt Phas sinn déi haiteg Stroossen am Brill a Rue Huelbaach) ginn Ännerungen un der Wunnengsdicht virgeholl.
- Et gëtt och Ännerunge fir d'Parzellen 1571/2012 an 1571/2013 an der Rue des champs. Hei verléiert d'Wunnhaus och säi kommunalen Denkmalschutz.
- Op der Gemengegrenz zu Colmar-Bierg gëtt d'Parzell 403/4106 aus der Zone verte erausgeholl an se gëtt eng "zone d'activités économiques communales type 1". Dat erlaabt et engem Betrib, do auszubauen.
- Am Innovation Campus goufen op der enger Säit vill Parzelle frësch zesummegeleecht, esou datt den Text un déi nei Situatioun ugepasst soll ginn. Et erlaabt awer och der Gemeng, fir nieft dem Parkhaus eng Sportshal fir de Beachvolleyball a fir den Tennis ze bauen.

14. Marché de Noël: Fixation d'une taxe de stand et d'une stand

D'Artisten (lokal an net-lokal) ewéi déi auswäerteg Associatiounen bezuelen eng Participatiounstax vu 25 Euro um Chrëschtmaart.

Fir eng Porzeläinstaass oder eng "Mubowl"-Assiette bezilt de Visiteur vum Chrëschtmaart eng Kautioun vu 5 Euro d'Stéck.

15. Approbation de plusieurs règlements de circulation provisoire

Wéinst dem Ofrappe vun den Haiser mat der aler Post an der Grand-Rue gëtt fir d'Zäit vum 13. November 2024 bis zum Schluss vun den Aarbechten den Accès vun der Grand-Rue op d'Place de l'Immigration gespäert. Domadder ass et och net méiglech, fir während dëser Zäit mam Auto bäi d'Bréifkëscht ze fueren.